



**Gemeinsam Äntfert vum Här Henri Kox, Minister fir bannezeg Sécherheet an vum Här François Bausch, Arméiminister op d'parlamentaresch Fro n° 5690 vum 4. Februar 2022 vun dem honorabelen Députéierten Fernand Kartheiser**

Den Syndicat professionnel de la Force publique (SPFP) huet den 4ten Februar 2022 um 17.00 Auer seng Assemblée générale organiséiert. An deem Kontext huet den SPFP eng Autorisatioun ungefroot fir eng dispense de service fir seng Memberen ze kréien fir datt si kinnten un dëser Assemblée générale deelhuefen.

Den Refus vun der Demande fir d'Dispense de service ass op Basis vun enger Non-application vum Artikel 5 vum Règlement grand-ducal modifié du 5 mars 2004 relatif à la représentation du personnel au sein des administrations, services et établissements publics de l'Etat motivéiert, deen firgesait datt « *1. La représentation du personnel se compose au minimum de trois et au maximum de onze membres. Elle est autorisée à se réunir douze fois par an, sur convocation de son président, pour délibérer des affaires pendantes. Pour ces réunions, la direction met un local approprié à sa disposition. La durée de ces réunions ne peut dépasser quatre heures. Les membres bénéficient d'une dispense de service pour ces réunions. En outre, ils bénéficient d'une dispense de service pour tous les déplacements liés à la participation à des entrevues avec les responsables politiques ou administratifs.*

*2. Les règles régissant ces réunions sont celles fixées par les statuts de l'association pour les délibérations de son comité. »*

Den Syndicat Professionnel de la Force publique (SPFP) ass awer keng Représentation du personnel mee eng ASBL déi den Rôle huet vun engem Syndicat. Den zitéierten Artikel 5 applizéiert sech deemno net am Kader vun der Demande vum SPFP fir eng Dispense de service. Dës Dispense de service applizéiert sech nëmmen fir Memberen vun enger Représentation du personnel an net fir all d'Memberen vun enger Association professionnelle.

D'Dispositiounen vum Règlement grand-ducal modifié du 5 mars 2004 an méi präzis déi Dispositiounen déi d'Dispense de service concernéieren sinn deemno net applicabel fir d'Memberen vum SPFP.

Et konnt och soss keng aaner legal Disposition am Kader vun dëser Demande vum SPFP applizéiert ginn :

- Den Congé syndical ass am Artikel 28-8 vun der loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'État wéi och am Artikel 33 vum Règlement grand-ducal du

3 février 2012 fixant le régime des congés des fonctionnaires et employés de l'État firgesinn.  
D'Demande vum SPFP fällt awer net ënnert d'Applicatioun vun dësen zwou Dispositiounen.

- Den Artikel 19quater vun der loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'État deen d'Dispense de service concernéiert applizéiert sech och net an dësem präzise Fall.

Eng Dispens déi net an engem Gesetz virgesinn ass, kann deemno net accordéiert ginn.

All Agent ass awer fräi ausserhalb vun senger normaler Aarbechtszäit un dësen Réuniounen deelzehuelen.

Lëtzebuerg, den 3. März 2022

Den Minister fir bannenzeg Sécherheet

(s.) Henri KOX